N°1582
Entrée le 23.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizminister Elisabeth MARGUE op d'parlamentaresch Fro n°1582 vum 27 November 2024 vun der honorabel Députéiert Nathalie MORGENTHALER zum Sujet "Déplacement des juges d'instructions au CPU"**

**1) A wéienge Fäll deplacéieren sech Untersuchungsriichter-innen an de Prisong oder d'Untersuchungshaft ? Huet Madamm Justizministesch Zuelen déi Deplacementer beleeën ?**

De Code de Procédure pénale gesäit vir, dass d'Untersuchungsriichter d'Depositioun, d'Auditioun an den Interrogatoire iwwer Visiokonferenz kënne maachen. Et bleift awer d'Entscheedung vun de Riichter op de Moyen vun der Visiokonferenz zeréckzegräifen.

Aktuell deplacéieren sech d'Untersuchungsriichter just a ganz exzeptionnelle Fäll, sief et wann d'Persoun, déi verhéiert muss ginn, schwéier krank ass, oder, wann déi Persoun als extrem geféierlech ageschat gëtt.

Bis elo hu sech d'Untersuchungsriichter véier Mol an de Centre Pénitentiaire Uerschterhaff deplacéiert.

**2) Kéint fir de Justizministère an Zukunft den Deplacement vun den Untersuchungsriichter-innen an de Prisong oder an d'Untersuchungshaft als Alternativ zum Gefaangenentransport gesi ginn ?**

Esouwuel d'Visiokonferenz, wéi och den Deplacement an de Prisong sinn eng Alternativ zum Gefaangenentransport.

Beim Deplacement ass just wichteg ze bedenken, dass, wann den Untersuchungsriichter sech an de Prisong deplacéiert, et net nëmmen hien ass, deen sech dohinner deplacéiert, mee och säi Greffier, den Affekot vun der Persoun, déi verhéiert gëtt, an eventuell en Interpret. Déi Leit sinn dee Moment net disponibel fir nach weider Affairen um Geriicht ze behandelen an déi Affairen ginn dann nees op eng spéider Audienz verluecht.

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue